# POMPJEESVERBAND FLASH Februar-Mäerz 2022

Kolleeginnen a Kolleegen Pompjeeën am CGDIS,

Déi wichtegst Punkten, déi bei der Sëtzung vum Zentralvirstand vum 24. Februar 2022 beschwat goufen.

- Op d'Fuerderung vum Pompjeesverband, dass all Pompjee, heescht och déi wou am Moment per "Alerte générale" eraus fueren, eng Indemnisatioun solle kréien, krute mir vum CGDIS bestätegt, dass et vun Mäerz-Abrëll un all Pompjee soll méiglech sinn sech am Portail op eng Permanenceléscht fir säin Zenter opzeschreiwen.
- Op den Opruff vum Zentralvirstand betreffend d'Muséeeskommissioun hu sech 8 Leit gemellt, den ZV bestätegt déi 8 Kandidaten. D'Kommissioun besteht aus folgende Memberen: Claude FRIESEISEN, Jean-Paul WAGENER, Raymond BRAUSCH, Marc MITTEN, Armand KALMES, Gilbert WEYDERT, Fritz KIGGEN a Patrick MULLER.

Déi wichtegst Punkten, déi bei der Sëtzung vum Zentralvirstand vum 24. Mäerz 2022 beschwat goufen.

- De Pompjeesverband ënnerstëtzt d'Aktiounen déi d'Amicallen organiséieren fir de Leit aus der Ukrain ze hëllefen. De Verband promouvéiert gären all är Aktiounen iwwert säin Internetsite, Facebook an der Pompjeeszeitung. All Materialufroën fir d'Ukrain sollen iwwert de CGDIS lafen.
- Wéinst Reklamatiounen iwwert den "service médical" déi un de Pompjeesverband erun gedroen si ginn, freet den Pompjeesverband eng Entrevue mam neien Directeur médical fir him konkret Fäll ze presentéieren an méiglech Léisungsusätz ze fannen.

  Falls dir konkret Fäll kennt, kënnt dir se gären un ären Regionaldelegéierten oder un de Sekretariat vum Pompjeesverband erun droen mat der Erlabnis se dem Directeur médical ze presentéieren.

Marc MAMER
President



bureau@fnsp.lu 28 55 641 www.fnsp.lu http://www.facebook.com/fnsp.lu/ 3, blvd. De Kockelscheuer
L-1821 Lëtzebuerg